ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot : Fernand Kartheiser

Lëtzebuerg, de 15. Dezember 2021

MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- d'Neiverschëldung vum Staat virugeet an domat d'Gesamtscholdelaascht weider zouhëlt;

ass sech bewosst, datt

- dës Scholden iergendwann zeréckbezuelt musse ginn an, wéinst der Inflatioun, d'Zënsen an der Eurozon mëttelfristeg warscheinlech nees klammen;
- de Staat ee gewëssene finanzielle Spillraum muss behalen, fir an enger Krisesituatioun, wann néideg, kuerzfristeg kënnen nei Scholden opzehuelen;

fuerdert d'Regierung op,

- der Chamber am Joer 2022 fir d'Budgetsjoer 2023 een ausgeglachene Budget an der "administration centrale" virzeleeën, deen op nei Scholde verzicht a Remboursementer op d'Kapital vun deenen existéierende Scholde virgesäit.